den Fly Fishing Club am Bräurup

Och dëst Joer waren ee puer Membere vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg an de Bräurup gefuer fir mat der Méck ze fëschen. Leider hunn ech missen aus perséinleche Grënn ofsoe wat mir natierlech nach méi déck deet elo wou ech déi vill schéi Fotoe gesinn hunn an och verzielt kritt hunn wat ech dës Kéier verpasst hunn. Wann ech awer menge Kollegen esou no gelauschtert hunn da si Sie awer och Beschtens ouni mech Eens ginn an hunn gutt vun hirer Zäit op deene schéine Strecke vum Hotel Bräurup profitéiert. Den éischte Fëscherdag huet d´Kollegen op de Finkausee gefouert, dëse Séi läit ongefëier 60 Minutte Fuerzäit vum Hotel ewech op engem Héichplateau, der Gerlos Seenplatte. De Finkausee ass bekannt fir seng schéin Äschen an hei kann ee mat ee bësse Chance de Grand Slam vum Méckenfëschen an engem Dag realiséieren deen aus de schonn ugeschwaten Äschen, der Baachfrell, dem Saibling an der Séifrell besteet. Eis Fëscher hunn jiddwerfalls een Dag mat vill Fësch beim schéinstem Hierschtwieder um Finkausee verbruecht.

SIMMS

Den zweeten Dag wou d´Kollegen zu Owend giess hunn war feieren ugesot, den Eugéne hat säin Gebuertsdag gefeiert an d´Jacky, dem Georges seng léif Fra, konnt hiren éischten Dag als wuel verdéngten Rentnerin feieren an ewéi den Zoufall et esou wëll war ewéi bestallt deen Owend een Gesangschouer unwiesend déi op der Duerchrees waren an esou hunn Sie dem Eugéne an dem Jacky dunn, zur Feier des Tages, och nach een Ständschen bruecht. Besser hätt ech dat och net kéinten organiséieren.

Natierlech, ewéi kéint et och aneschters sinn, waren och erëm dräi Deg vun hei Heem aus op der Krimmler Ache reservéiert ginn. Et ass ëmmer erëm op een Neist een Erliefnes an dat schéint Héichdall ze fueren a wann d´Wieder och nach matspillt kann engem schéine Fëscherdag Näischt méi am Wee stoen. Et ass och net vu Muttwëll dass den Hotel op der Streck vun der Krimmler Ache ëmmer nëmmen zéng Fëscher pro Dag zouléisst wat de Befëschungsdrock trotzdem ganz héich hält, esou konnten eis Fëscher och dës Kéier an den déiwen Dëmpele vill schéi Fësch ausmaache, mee d´Ausmaache war dat Eent, d´Fësch mat der Méck ze iwwerlëschten dat Anert an dat war guer net esou einfach an trotzdem sinn och dës Kéier erëm schéi Fësch gefaange gi woubäi schonn erléng de Privileg dierfen op esou engem schéine Floss ze fëschen et der wäert ass de beschwéierlech Wee an dat wonnerschéint Héichdall op sech ze huelen.

Usech war et virgesi fir während 3 Deg op der Krimmler Ache ze fëschen an esou hate mir dat och vun do Heem aus geplangt, mee ewell d´Wieder an de Bierger relativ schnell dréine ka sinn d´Kollegen de 4. Dag vun hirem Openthalt net an den Dall vun der Ache gefuer, Moies war et do nëmmen 1° Grad an Schnéi war och viraus gesot esou dass et méi verstänneg war dorobber ze verzichten zemools wou et genuch Ausweechméiglechkeeten am Bräurup gëtt.



Esou hate Sie dës Kéier d´Méiglechkeet fir un deene vum Hotel ugebuedene Kuren, wou den Udo hire Fishguide a Bedreiwer vum Fëschergeschäft de Gäscht vum Hotel weist ewéi ee soll an der Salzach fëschen, deel ze huelen. Dëst ass eng vun de ville Méiglechkeeten déi den Hotel ubidd fir de Fëscher ee bëssen op d´Spréng ze hëllefen, dernieft fuere Sie awer och ee Mëtten an der Woch mat de Gäscht op den Hintersee oder op de Felberbach. Ausserdeem kann een den Udo awer och als Guide buchen dann hëlt Hien sech de ganzen Dag Zäit fir de Leit d´Fëschen am alpine Raum méi no ze bréngen. Et war fir d´Kollege jiddwerfalls ee wëllkommen a léierräiche Mëtte wou Sie zesumme mam Udo op der Salzach verbruecht hunn, heibäi hat den Nicolas Jemp wuel besonnesch gutt opgepasst, konnt Hien dach eng wonnerschéi Baachfrell fänke wat och erëm bewisen huet dass an der Salzach richteg déck Fësch sinn.

Ofschléissend géif ech da mengen dass d´Kollegen och dëst Joer erëm ee puer schéiner Deg beim Méckenfëschen am Nationalpark Hohe Tauern konnte verbréngen, obschonn ech dës Kéier net konnt dobäi si géif ech awer mengen dass de Jemp mech wierdeg vertrueden huet an sech eng Éier draus gemeet huet, dem Georges an dem Jacky déi fir d´éischte Kéier dobäi waren, ee bëssen hëllefräich zur Säit ze stoen. Nei Plaze konnte Sie dës Kéier och kenne léieren hunn Sie dach niewen dem Mëtten op der Salzach och een Dag um Blausee verbruecht, dat ass ee klénge Séi mat glasklorem Waasser an engem gudde Bestand un Saiblingen, wou een ze guer Nymphe a vue fësche kann. Ech fir mäin Deel hat hei Heem dach de Bauch wéi a freeë mech ëmsou méi fir dat nächste Joer erëm dobäi ze sinn.